N°2200
Entrée le 06.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune de la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, du Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme et du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2200 du 7 avril 2025 de l'honorable Député Jeff ENGELEN concernant « Impact des véhicules autonomes sur l'emploi dans la mobilité ».**

**Fro: Huet d'Regierung sech scho mat der Fro ausernee gesat, a wéi engem Beräich Aarbechtsplazen déi an der Mobilitéit duerch den technologesche Fortschrëtt an Zukunft ewechfalen, kéinten nei entstoen, a wéi eng entspriechend Weiderbildungsmoossname sollen ugebuede ginn? Falls jo, wéi eng wieren dat? Falls net, firwat net?**

Den honorablen Deputéierte Jeff ENGELEN wëll a senger parlamentarescher Fro gewuer ginn, wéi d'Zouhuele vun automatiséierten Autoe respektiv Gefierer den Aarbechtsmarché kéint beaflossen, well duerch d'Aféierung vun esou Gefierer gewëss Aarbechtssecteure betraff kéinte sinn.

Tatsächlech muss een zum aktuellen Zäitpunkt awer nach ëmmer vun Tester schwätzen, wann esou Gefierer op ëffentleche Stroosse bedriwwe ginn. Obwuel dës Gefierer schonn héich automatiséiert sinn a prinzipiell een autonoomt Fueren erlaben, si se nach ëmmer op en definéierte Beräich limitéiert - de sougenannten "Operational Design Domain (ODD)".

Aus dësem Grond ass et och nach néideg, dass en Operateur u Bord ass, fir anzesprangen, wann d'Gefier net méi fäeg ass, selwer ze fueren. Zousätzlech dozou hunn dës Gefierer keng europawäit Geneemegung, mee ginn am Kader vun Tester duerch Eenzelgeneemegungen immatrikuléiert. Dat heescht, dass een aktuell nach net dovu schwätze kann, dass esou Gefierer an noer Zukunft an engem gréissere Mooss op de Marché wäerte kommen.

Grouss Automobilproduzenten hunn zwar schonn Autoe mat automatiséierte Fuerfunktioune geliwwert, déi an engem gewësse Mooss dem Chauffer d'Méiglechkeet ginn, d'Kontroll un den Auto ofzeginn – allerdéngs nëmmen ënner spezifesche Konditiounen. Dës Systemer sinn nach staark limitéiert an erfuerderen nach ëmmer d'Presenz an d'Opmierksamkeet vum Chauffer.

D'Benotzung vun esou Gefierer ausserhalb vun de geneemegten Testberäicher ass just dann erlaabt, wann de legale Kader dat virgesäit – wat am Moment zu Lëtzebuerg nach net de Fall ass. D'Koalitiounsofkommes gesäit vir, datt Lëtzebuerg autonom a vernetzt Gefierer zouléisst a sech als europäesche Laboratoire fir dës Technologie etabléiert.Eng generell Ausso iwwert déi zukünfteg technologesch Entwécklung an déi domat verbonne personaltechnesch Konsequenze ka wéinst deem aktuelle Stand deemno net gemaach ginn.

Allgemeng léist sech soen, dass do wou technologesch Entwécklungen zu enger Verännerung vun de Beruffsbiller féieren, et wichteg ass, d'Salariéen ënnert anerem duerch Weiderbildungsmoossname ze ënnerstëtzen a sou hier Aarbechtsplaz ze sécheren. De Programm 'Skills-Plang' (*Projet de loi N°8234*) wäert hei nach zousätzlech Moyennen bereet stellen, fir an d'Kompetenze vun de Salariée ze investéieren.

Luxembourg, le 6 mai 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**